gilles wunsch

# port-d'ARTiste: roland meyer



Konstemer blues …

Fréijoer 2014, schwéier wolleken hänke well moies fréi iwwer konstem, a wann déi déck päck sech nach eng grimmel weider oppompelen an nach méi héich d'luucht aus ginn, da rubbelt et. Ech kennen déi dimmeren nach vu fréier, et gëtt se néierewou soss am land esou gewalteg wéi hei. Wann d'blëtzer erof an den dall schéissen, wann den donner kuerz drop an deem enorme resonanzkässel zegmol verstäerkt gëtt, dann héiert een dat däischtert rubbelen nach kilometerwäit, bis déi aner säit un der sauer op der toodlermillen, bis erof op dikkrich, oder dee ganzen dall erop op de kiischpelt zou, an alt bis uewenaus zu cliärref! Am normalfall ass et awer ganz roueg hei, op ongeféier 500 meter iwwer n.n., hei verspäert näischt engem d'siicht, iwwer dem kapp huet ee just nëmmen himmel, a ronderëm, iwwerall wou ee kuckt, an esou wäit wéi ee gesäit, ganzer 360° horizont. Ween nach ni naturspektakele materlieft huet, sollt onbedéngt emol moies fréi heihinner kommen, nach éier d'sonn eraus ass, a sech da ganz diskret an den szenario eraschläichen. An onbedéngt vun deem magesche moment profitéieren, déi kleng hallef stënnchen, wann et am oste lues a lues ufänkt hell ze ginn an den himmel d'faarf changéiert, séier e puer fotoe gemaach an dann erof an den dall op d'schibberecher mille gefuer. Laang braucht der nit ze waarden, bis dass d'sonn hir strale laanscht d'schüttbuerg gehäit, esou perfekt an impressionant, dass et engem bal den otem hëlt! Ech hat d'chance dat schauspill eng déck woch virdrun z'erliewen, wéi ech e puer fotoe vun der géigend maache komm sinn, als illustratioun fir dësen artikel. Elo awer wor et fir mech zäit, den haaptacteur kennen ze léieren, an dësem stéck, wat kee realisateur, kee szenarist a keen auteur brauch … dat ass hien nämlech selwer, an enger persoun, an nach villes méi. De roland meyer ass 1963 an der stad gebuer, an am laf vun de joeren ëmmer méi wäit vun do ewech



geplënnert, iwwer lëntgen a biereng bei miersch, bis erop op konstem, wou hien zanter bal engem véirels joerhonnert mat senger famill wunnt! Ee choix, ganz sécher, awer och duerch dem roland meyer säi beruff bedéngt, schoulmeeschter sinn heescht nämlech do wunnen, wou ee schoul hält. An natierlech schwätze fir d'éislek, a vrun allem fir de cliärrwer kanton eng ganz parti argumenter: hei ass et nit nëmme schéin, mä et léisst sech dobäi och nach wonnerbar hei liewen, bal wéi an enger vakanz. An zu konstem, uewen op der kopp, hunn de roland meyer a seng fra bruna deemools genee dat fonnt, wat déi béid sech ëmmer gewënscht haten.

Do virdru wor et awer ee parcours mat allerhand statiounen an zum deel och ëmweeër, de roland meyer hat an de spéide 70er emol eng kéier d'bengele bei d'tromm gehäit an d'schoul geschmass, huet awer e puer joer drop seng première an owescoursen nogemaach, a sollt eigentlech op tübingen däitsch studéiere goen! Éischter aus jux ass wéi mat enger serieuxer intentioun huet de roland meyer zesumme mat engem kolleg eng demande fir op den "iserp" zu walfer ausgefëllt, a kuerz drop schonn d'zouso aus dem ministère heem geschéckt kritt. An dat wor sonner zweiwel eng ganz gutt saach, der koppel hiren éischte bouf wor nämlech ënnerwee, dem roland meyer seng fra wor deemools well am beruff, an déi jonk famill huet eng ofgeséchert zukunft gebraucht. Wéi de roland meyer no dräi joer den iserp bis erduerch a gepackt hat, an ugefangen huet schoul ze halen, krut hie ganz séier d'confirmatioun, dass et definitiv dee richtege choix wor, an dass dëse beruff nit nëmme vill freed, mä genee sou eng grouss satisfactioun bruecht huet! An dat



sollt sech am laf vun all de joeren dono ëmmer nees bestätegen, an deem mooss, dass de roland meyer elo an haut, 2014, nees emol studéiert, nämlech schoulmanagement. Et ass vrun allem dee mënschlechen aspekt, dee mat eraspillt, an dee "schoul halen" zu esou eppes sënnvolles mécht, déi mënschlech relatiounen a schicksaler, déi den enseignant vu ganz no erlieft, a woubäi hie mat sengem fachwëssen a senger erfahrung kann zu léisunge bäidroen! Op deem liewenswee, wou de beruff vum schoulmeeschter also zu engem haaptelement ginn ass, louch d'zentralschoul am park zu housen, déi 1998 opgoung an an déi d'kanner vu konstem elo gaange sinn. An deem konstem hat d'famill sech néiergelooss, sech an d'alldagsliewen an an engems an d'éislek integréiert, sou wéi een deel vun enger landschaft gëtt, wann ee bis dra spadséiere geet.

Een anert element a sengem liewen, a ganz sécher nit manner wichteg, ass fir de roland meyer d'schreiwen, nach ëmmer, a wäert et wuel och an zukunft bleiwen. D'schreiwen, an do virdrun natierlech d'liesen, d'entdecke vun anere welten, déi a bicher verstoppt a verpakt sinn. Dee kreative prozess féiert de roland meyer op een accident zréck, deen deemools säi ganzt liewen op d'kopp gedréit hat. Als bouf wor nämlech fussball seng welt, fussball an der nationaler scolaires- a cadets-equipe, bis hie sech mat 16 joer komplett onnëtz a fatal um lénke fouss verletzt huet, d'bänner total iwwerdehnt, an dono vun deem enge bei deen anere spezialist geschéckt ginn ass. A jiddereen huet gemengt a behaapt, mat e bëssen äis, enger crème an engem verband misst dat geschwënn nees an der rei sinn. Wäit gefeelt, den dram vun der professioneller fussballercarrière wor ausgedreemt, a bis haut bleift d'sprongglenk um lénke fouss de schwaache punkt, do wou all kéiers wann et nit soll sinn, de fouss op en neits ëmknéckst! Wat bleift engem also, wann et ganz fréi aus gesondheetleche grënn well nit méi mam fussball klappt, jo definitiv eriwwer ass? Fir de roland meyer sollt d'musek nit einfach zum ersatz ginn, mä zu enger neier passioun, déi vollen engagement verlaangt huet, wéi hie kuerz drop an enger richteger rock'n'roll band gespillt huet, "driving force", an där iwwregens bal nëmmen éisleker museker dobäi woren. Et wor an engems een intensive kontakt mam éislek, well d'treffen dacks zu maarnech an esou munch concerte am cliärrwer kanton woren. Et sollt fir de roland meyer deen éischten, richtegen austausch mat de leit vun hei sinn. An da wor et och, iwwer d'musek, de kontakt mat der geschriwwener sprooch, well jo een huet missen d'texter op d'musek schreiwen.

Als schoulmeeschter huet de roland meyer sech natierlech déi ganzen zäit mat der geschwatener an der geschriwwener sprooch ausenaner gesat, an dat dacks nieft dem klasseschen enseignement, well hie ganz fréi well mat de kanner theater gespillt huet! D'stécker goufe meescht an der klass selwer geschriwwen, fir eng theatervirstellung pro schouljoer. D'freed un der saach, um schreiwen, um theater wor fir de roland meyer méi wéi motivatioun genuch, fir sech direkt nach u weider defisen ze ginn, notamment de politesche cabaret. A senger entwécklung, an deem ganze schafensprozess, huet hie sech als mënsch an als auteur ëmmer géint d'katalogiséieren a géint d'tiräng gewiert. Vu schoul halen iwwer theater a cabaret bis bei bicher schreiwen wor et, an ass et ee ganzt, mat fléissenden iwwergäng an iwwerschneidungen, woubäi als mëttelpunkt ëmmer déi geschwaten a geschriwwe sprooch steet. Wéi ass et awer mat der confrontatioun mam publikum a mat der kritik, oder ass et well iwwerdeems een text entsteet, dass méiglech zweiwel opkommen, jo souguer ängschten, déi jiddereen dee kreativ ass beschtens kennt? Beim roland meyer kënnt d'angscht ze versoe wuel éischter an der phas, wou den text sou lues ufänkt form un ze huelen, meescht also an engem relativ fréie stadium, wou ee keng äntwert op d'fro fënnt, op dat wat grad amgaangen ass z'entstoen a lues a lues grouss



ze ginn, tatsächlech eppes daacht a gutt genuch ass fir um pobeier weider ze bestoen! Den decisive moment ass wuel deen, wou de "produit" bis un d'ëffentlechkeet kënnt, d'theater- oder d'cabaretpremière an d'publicatioun vum buch, vun deem ablack u bréngt de roland meyer et fäerdeg säin text aus der distanz ze gesinn, e bësse wéi wann et säin eigentlech nit méi wär. Réischt da gëtt et méiglech, iwwer dat geschriwwent ze schwätzen, wäit genuch ewech vun deem wat elo definitiv a mam numm vum auteur versinn fir ëmmer um blat steet! Vläicht huet et jo mat der asiicht ze dinn, dass jidderee vun äis texter aneschtes liest, se aneschtes empfënnt an ophëlt, a sech se dobäi esou nonee mécht, wéi hien oder si se verstoen a beuerteele wëllen. Dass den auteur do méi eng grouss responsabilitéit vis-à-vis vu kanner wéi vun engem erwuessene publikum huet, dat läit op der hand, mä ass awer wuel kaum de grond, firwat de roland meyer zanter 2009 keng nei kannerbicher geschriwwen huet. Oder huet et vläicht domatter ze dinn, dass hie säit dräi joer eigentlech aus deem klasseschen enseignement eraus ass, a just nach fir d'theaterschoul vum ministère schafft? Fest steet, dass de kontakt mat de kanner wuel nach iwwer theatertexter an d'schoulbühne besteet, mä dass dat natierlech ee gutt stéck ewech vun der schoulklass ass, vrun där de roland meyer soss dag-an, dag-aus gestanen huet. Zum gléck mécht hien nach ëmmer liesunge fir kanner, geet mat senge kannerbicher an d'schoulen, de kontakt mat deem ganz kriddlege jonke publikum ass also nit ofgebrach, a sou kann den auteur sech nach ëmmer de commentairen an de kritike stellen. Haut liest de roland meyer awer nit méi als schoulmeeschter, mä als auteur, als schrëftsteller, an déi approche mécht et nit nëmme méi



liicht, mä deet an engems nei weeër op, déi eng aner form vu kommunikatioun zouloossen. Thematesch allerdéngs ass a bleift fangerspëtzegefill verlaangt. Wat een nämlech engem erwuessene publikum a form vun engem cabarettext ka vermëttelen, ouni ee blat vrun de mond ze huelen, dat muss een deene jonken als appropriéierte sujet kannergerecht eriwwerbréngen, absolut onmëssverständlech an dach ëmmer esou, dass deene klengen hir fantasie all kéiers ugesprach a gefuerdert ass. Wee fir kanner schreift, muss dat richteg gutt maachen, et musse kalitativ héichwäerteg texter sinn, mat deenen d'kanner tatsächlech eppes unzefänke wëssen.

Cabaret dogéint schreift de roland meyer nit nëmme fir den erwuessene publikum, mä zanter méi wéi zwee joerzingten och fir ee ganz bestëmmten ensembel, fir de "kabaret sténkdéier", sou dass d'méiglechkeeten an d'virgaben eigentlech méi kleng ginn, well een als auteur a fir eng bestëmmten equipe ee ganz präzisen, a kloer definéierte kader huet! Sief et dass et geschlechterspezifesch texter sinn, oder awer dass eng bestëmmten nummer engem aus der equippe op de läif geschriwwen ass. Dat mécht déi literaresch approche vläicht méi liicht, mä setzt awer ganz kloer och méi limiten, wéi wann de roland meyer zum beispill joer fir joer zwee texter fir d'lëtzebuerger revue schreift, ouns dass dat an ee bestëmmten tirang era soll, an ouns ze wësse ween eventuell domadder op d'bühn geet, an op déi nummeren iwwerhaapt zréckbehalen a gespillt ginn.

Literatur fir erwuessener, an der romanform, déi beschäftegt den auteur zanter enger zäitchen och well. 2012 kritt hie fir säi roman "muedebëtzeg" de lëtzebuerger buchpräis decernéiert. Dës lëtzebuerger story huet wuel esou munnecher ee waakreg gerëselt, wéinst der klorer sprooch, wéinst der gesellschaftskritik, a wéinst sujeten, problemer a skandaler, déi mir alleguerte kennen, déi äis verlurre gesellschaft erëmspigelen, an déi sech wéi glaspärelen op ee fuedem opzéie loossen, onofhängeg vun der gréisst, de faarwen oder de schréipsen an téitschen, déi vläicht dra sinn. Wéi esou ee roman entsteet, huet virop domadder ze dinn, wat den auteur grad beschäftegt a wat him uewe läit! Ronn ee joer, sou de roland meyer, ass hie "mat der geschicht am kapp" doruechter gaangen an huet déi richteg directioun gesicht, an dësem fall zu theme wéi "al ginn" a "krankheeten", huet dono nach emol zwee joer recherchéiert an un enger méiglecher trame gestréckt, éier hien zur iwwerzeegung komm ass, dass sech dorausser ee buch géing schreiwe loossen. Da muss den auteur just nach de stil fannen, dee bei dës story passt, an hier liewen a glafwierdegkeet anhauchen. Wéi vill dass den auteur sech selwer an esou eng geschicht mat abréngt, sech investéiert a vu sech hiergëtt, bleift wuel säi geheimnis, an dat ass och gutt a richteg esou. "Muedebëtzeg", de roman iwwer de "paul" an der midlife crisis, huet de roland meyer sech richteg vun der séil geschriwwen a situatioune beschriwwen, déi keen onberéiert loossen. De mënschleche verfall an d'vergänglechkeet, ronderëm déi sech am roman "muedebëtzeg" alles dréit, an d'manéier wéi den auteur domadder ëmgeet, a seng personnagen an engem ëmfeld evoluéiere léisst, dat mir alleguerten kennen an erkennen, féieren dozou, dass een de roman réischt dann op d'säit leet, wann een déi lescht säit gelies an ëmgedréit huet. An dann huet de roland meyer mat dësem roman awer och nach de mérite, dass hie lëtzebuerg beschreift, wéi et elo an haut am zweete joerzingt vum neie joerdausend ass. Fictioun an dokumentatioun ginn anenaner iwwer a fuerderen de lecteur op, sech mat der realitéit ausenaner ze setzen, a sech dobäi eng parti existenziell froen ze stellen! D'liewen zu lëtzebuerg muss thematiséiert ginn, d'liewe vun haut, sou de roland meyer, wou natierlech och säin eegent liewen am éislek mat erafléisst a seng spueren um pobéier hannerléisst! Besonnesch am zweeten, deem neie roman "roughmix"

fënnt ee plazeweis stëmmungen aus dem cliärrwer kanton erëm, esou wéi dee kanton haut ass, mat senge leit, awer ouni lokalkolorit. Dass den auteur dobäi an där sprooch schreift, an där hien denkt a sech am alldag matdeelt, an engem lëtzebuergeschen, an deem auslännesch wierder längst hir plaz an hir wichtegkeet hunn, dréit natierlech staark dozou bäi, dass dem roland meyer seng béid lescht bicher nit nëmme romaner, mä an engems zäitdokumenter sinn. Op lëtzebuergesch, sou den auteur, kritt hien alles geduecht, wat hie sech esou denke wëll, deemno kann hien et och op lëtzebuergesch opschreiwen, an all emotiounen a gefiller esou erëmginn, wéi se eigentlech a sengen texter sollen ausgedréckt ginn. Dass dobäi alt emol ee franséischt oder englescht wuert mat afléisst oder muss als hëllefsmëttel gebraucht ginn, dat stéiert héchstens d'puristen. Dem roland meyer seng sprooch ass nämlech genee déi, déi hautdesdaags bei äis am land geschwat gëtt, an an där een tatsächlech alles kann ausdrécken, onverfälscht, éierlech, an authentesch.

Kraaft, inspiratioun, bis hinn zu liewensfreed, all dat fënnt a kritt de roland meyer do, wou hie wunnt, zu konstem, oder wéi hie sech ausdréckt, hei huet hien alles a lieft bal wéi an der vakanz, déi esou ee ganzt joer dauert! Sou dacks et geet, trëppelt hien an der géigend, bei d'schüttburg, oder erof op d'schüttburger millen, oder den tour bis bei de kautebaacher camping, op schratt an tratt also vakanz, ouni auto, ouni kaméidi, a ganz ouni hektik. An dat an engem duerf, wou de kontakt tëscht deenen, déi well méi laang do doheem sinn, beschtens klappt, a wou natierlech een deem aneren eng hand upeekt, ëmmer da wann nout um mann ass. A well d'famill längst zu konstem integréiert a respektéiert ass, mécht et dem roland ëmsou méi freed, sech ronderëm d'haus z'aktivéieren, de gaart an d'alentouren an der rei ze halen. Dobäi kann hie richteg dekompresséieren, a stress ofbauen. Däers huet de roland meyer am ablack sou wéi sou genuch, well hie coursen ënnenof am süde vum land hëlt, a vill mam auto ënnerwee ass, och wéinst sengem neie schoulmanagement studium, enger weiderbildung zu kaiserslautern, déi hien dee leschten hierscht ugefangen huet. Mat 50 joer hat hien decidéiert, nees duer zréck ze goen, wou hie sech als jonke mënsch ëmmer probéiert hat derlaanscht ze drécken, nämlech an d'schoulbänk. Elo sëtzt hien nees dran, deels doheem, deels an der formatioun, nach ganzer dräi sëmester huet hien zäit a freed domatter sech selwer ze testen an nach weider ze verbesseren.

De roland meyer ass mat sengem liewe méi wéi zefridden, mat senger aarbecht, mat sengem schreiwen, dem cabaret an den theaterstécker, a mat der musek, déi hien nach niewelaanscht mécht, als gittarist vun der r&b formatioun "the winklepickers" (www.winklepickers.lu), wou hien iwwer dem musizéieren all rationalitéit kann op der säit loossen ... an dat villt nodenken, mat deem d'schreiwen ëmmer verbonnen ass! Et soll esou weider goe wéi bis well, och nach mar an iwwermar, de blues huet hien dobäi seelen, hie spillt e léiwer, op enger fender, wat da soss!?


roland meyer
9 kemel
l-9831 konstem

email: meyerr@gms.lu
telefon: 920395